

Informatione fir d'befrote Persounen

Är Aarbechtsplaz gouf ausgewielt, fir un enger internationaler Studie iwwer Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht – a wéi dat an der Praxis gehandhaabt gëtt –, deelzehuelen. Dës Studie gëtt gläichzäiteg a 33 Länner a ganz Europa duerchgefouert an hëlleft erauszefannen, a wéi engem Mooss a verschiddene Länner Leit, déi fir Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht verantwortlech sinn, déi selwecht Usiichten a Praktiken deelen.

Am Questionnaire geet et ëm verschidden Themen. Fir op d'Froen z'äntweren, braucht Dir kee Fachwëssen. Déi meescht Leit, déi bei der Studie matmaachen, fannen, datt et eng interessant an agreabel Erfahrung ass. Hoffentlech ass dëst och fir Iech de Fall. D'Interviewen daueren normalerweis ca. 20 bis 25 Minutten a mir hoffen, dass mir sécherlech op Är Mathëllef ziele kënnen.

Iwwert d'EU-OSHA

D'Europäesch Agence fir Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht gouf 1996 gegrënnt als offiziell europäesch Organisatioun, déi responsabel ass fir Informatiounen iwwert Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht.

[Méi Infoen iwwer d'Agence](#)

Iwwer d'Ëmfro

D'Zil vun der Ëmfro ass et, Aarbechtsplazen a ganz Europa dobäi z'ënnerstëtzen, Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht méi effizient ze geréieren an d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vun de Mataarbechter ze verbesseren.

Den Interviewer stellt Froen iwwert Virkéierungen, déi agesat ginn, fir d'Sécherheet an d'Gesondheet ze geréieren, wéi eng Themen als déi wichtegst ëmfonnt ginn an ob Problemer wéi Stress och dozou gehéieren. De Questionnaire ënnersicht dann, wéi d'Gestioun vun der Sécherheet an der Gesondheet organiséiert ass, wéi eng Hëllef oder Rotschléi disponibel sinn an ob et grouss Problemer gëtt.

D'politesch Verantwortlech op nationalem an europäeschem Niveau benotzen d'Informatiounen, fir eng besser Politik an eng méi effizient Ënnerstëtzung fir Entreprises z'entwéckelen, fir esou d'Aarbechtsplaze méi sécher, gesond a produktiv ze maachen.

Andeems Dir op dës Ëmfro äntwert, liwwert Dir wäertvoll Informatiounen iwwer Är Situatioun, Besoinen an Erwaardungen, déi dozou bäidroen wäerten, d'Bedéngungen op den Aarbechtsplazen a ganz Europa an doriwwer eraus ze verbesseren.

Vertraulichkeet

All d'Informatiounen gi streng vertraulich behandelt an d'Resultater all zesumme presentéiert, sou datt d'Anonymitéit vun de befrote Persoune garantéiert ass.

Kantar – d'Entreprise, déi fir d'Duerchféiere vun der Ëmfro responsabel ass – ass e Member vun [ESOMAR](#) an un hiren Internationale Code fir Maart- a Sozialfuerschung gebonnen. D'EU-OSHA muss sech un d'Reglement (EU) No 2018/1725 iwwer de Schutz vu Persoune bei der Veraarbechtung vun hiren Daten duerch d'Organer an d'Ariichtunge vun der EU halen.

Wann Dir Froen hutt oder méi wëllt gewuer ginn iwwer d'Vertraulichkeet vun Ären Äntwerten oder wéi d'Anonymitéit an der Praxis garantéiert ass, [klickt w.e.g. hei fir d'Dateschutzhiwaiser vun dësem Projet oder] kontaktéiert eis w. e. g. op der E-Mail esener@osha.europa.eu.

Wie mécht d'Interviewen?

D'national Instituter, déi d'Interviewe maachen, gehéieren all zu dem Kantar-Netzwerk mat senge Feldaarbecht-Instituter. D'Interviewer kruten all eng gutt Ausbildung an hu vill Erfahrung mat esou Ëmfroen.

[Lëscht vun den nationalen Zentren](#)

D'Resultater

Resultater vun der viregter Ëmfro (ESENER-2) fannt Dir op eisem Internetsite www.esener.eu. Do wäert Dir och déi éischt Resultater vun der neier Studie Ufank 2020 fannen. En detailléierte Rapport wäert Mëtt 2020 verëffentlecht ginn an an den nächste Joer wäerten och nach weider Ëmfroe gemaach ginn. All d'EU-OSHA-Rapporte kënnen gratis erofgeluede ginn.

[Verëffentlechung vum der EU-OSHA](#)

Ënnerstëtzung fir d'Ëmfro

De Verwaltungsrot vun der EU-OSHA setzt sech aus Verrieder vu Regierungen, Employeuren a Gewerkschaften zesummen. Well d'Initiativ vun hinnen ausgang ass, ware si staark un der Entwécklung vun der Ëmfro bedeelegt.

Dës Organisatiounen ënnerstëtzen d'Ëmfro op europäeschem Niveau:



[Eng vollstänneg Lëscht vum EU-OSHA-Verwaltungsrot](#)

Wiel vun der befroter Persoun

Fir sécherzegen, dass mir e representatiivt Bild vun all Land kréien, ass Är Aarbechtsplaz zoufälleg aus engem Firmeregëster erausgesicht ginn.

Fir den Zweck vun eiser Studie ass et wichteg, dass d'befrote Persoun weess, wéi Sécherheets- a Gesondheetsthemen op hirer Aarbechtsplaz behandelt ginn. Dir braucht keen Expert ze sinn, wat Sécherheet a Gesondheet ugeet, mä sollt un den Entscheidungen iwwer Moosnamen, déi an deem Beräich geholl ginn, bedeelegt sinn.

Wie bezilt d'Ëmfro?

D'EU-OSHA finanzéiert d'Ëmfro hiischtlech den 28 EU-Memberstaaten aus hirem operative Budget plus Island an Norwegen als Membere vum EWR (Europäesche Wirtschaftsraum). D'Schwäiz iwwerhëlt all hir Participatiounsfrais. Mazedonien a Serbien maachen och mat a benotzen d'Fonge vum EU-Préadhésionshëllefsinstrument (IPA).

Weider Informatiounen

Méi detailléiert Informatiounen iwwer d'Ëmfro ginn et (just op Englesch) op www.esener.eu.

Matmaachen

Am Kader vun hiren aneren Informatiounsaktivitéite sicht d'EU-OSHA no Fallstudien op Aarbechtsplazniveau, fir erfollegräich oder innovativ Methoden oder Léisunge fir Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht virzestellen. Wann Dir eng interessant Aktioun gemaach hutt an Dir se wëllt iwwert d'EU-OSHA deelen, kontaktéiert eis w. e. g. op der E-Mail esener@osha.europa.eu.

Feedback

Sot eis w. e. g. Är Commentairen a Virschléi.